CHAMBRE DES SALARIÉS LUXEMBOURG
YOU'LL NEVER WORK ALONE.

ACEL



NOVEMBER 2023

JONKER

# STUDÉIEREN AM AUSLAND ODER ZU LËTZEBUERG:

# WÉI VERLEEFT D'PRISE EN CHARGE VUN DE GESONDHEETSKÄSCHTEN?



# IMPRESSUM


**CHAMBRE DES SALARIÉS (CSL)**

18 rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg

T. (+352) 27 494 200

www.csl.lu
csl@csl.lu

**ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER**
**(Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois Asbl.)**

2 avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

T. (+352) 20 60 84 84

www.acel.lu
contact@acel.lu



Mat gréisster Suergfalt ass dës Publikatioun verfaasst ginn. Den Editeur an den Auteur kënne fir eventuell Versäumnisser a Feeler an dëser Publikatioun oder fir Konsequenzen, déi aus der Notzung vun dësen Informatiounen entstinn, net verantwortlech gemaach ginn.

D'Informatiounen an dëser Publikatioun beaflossen op kee Fall d'Interpretatioun an d'Uwendung vu Gesetzestexter vun de staatleche Verwaltungen oder zoustännege Geriichter.

Mir benotzen an dëser Publikatioun di männlech Form ouni Diskriminatioun an nëmme fir den Text ze vereinfachen.

# Inhaltverzeichnis

**Introduktioun** .......... S. 7

**I. Studéieren am Ausland** .......... S. 9

1. Prinzip vum Bäibehale vun der Affiliatioun zu Lëtzebuerg .......... S. 9
2. Medezinesch Versuergung am Studieland an Usproch huelen .......... S. 10

**II. Studéieren zu Lëtzebuerg** .......... S. 27

1. Allgemenge Prinzip .......... S. 27
2. Wat auslännesch Studente maache mussen, wa si op Lëtzebuerg studéiere kommen .......... S. 28



# VIRWIEDER

Léif Studentinnen a léif Studenten,

E Studium am Ausland ass eng wäertvoll perséinlech Erfarung an e richtege Pluspunkt an engem CV.

En Openthalt am Ausland ass awer eng Erausfuerderung fir iech, déi fir d'éischte Kéier eleng an och nach an engem anere Land wéi ärem wäert liewen.

Eng Rei Froe stelle sech fir ären Depart an d'Ausland optimal virzebereeden.

Dëse klenge praktesche Guide hëlleft iech ee bessert Versteesdemech vun ärer Sozialversécherung wärend äre Studien an engem anere Land ze kréien.

Am éischten Deel presentéiere mir de Fall vu Studenten aus Lëtzebuerg, déi hir Studien am Ausland verfollegen, wärend den zweeten Deel auslännesch Studenten ofdeckt, déi zu Lëtzebuerg studéieren.

Am Numm vun der Chambre des salariés wënschen ech Iech vill Erfolleg a Freed an äre Studien !



**Nora BACK**
*Presidentin vun der Chambre des salariés*

---



**Charel DONVEN**
*Vize-President fir Representatioun vun der ACEL*

Léif Studentinnen a léif Studenten,

De Schrëtt fir d'Studium an d'Ausland ze goe bréngt e puer organisatoresch Hürde mat sech. Een Deel dovunner ass déi grouss Fro: Wéi genau funktionéiert dat mat der Krankeversécherung am Ausland? Oder méi einfach: Wat geschitt wann ech bei den Dokter muss?

Dëse Guide soll dir eng Äntwert op des grondleeënd Froe gi fir esou engersäits méi einfach de Wee op d'Uni am Ausland ze fannen, anerersäits dir och zu Rot stoen, wanns du scho méi laang studéiers an Hëllef brauchs.

Ee grousse Merci geet vun eis un d'Chambre des salariés fir d'Ausschaffe vun dëser Broschür.

Am Numm vun der ACEL wënschen ech dir vill Spaass beim liesen a vill Erfolleg bei dengem Openthalt am Ausland!



# INTRODUKTIOUN

Lëtzebuerger Schüler a Schülerinnen, déi de Secondaire mat Erfolleg ofgeschloss hunn, setzen hiert Studium heefeg am Ausland fort. Wéi sinn si an dësem Fall sozialversécherungsrechtlech ofgeséchert a wéi verleeft d'Prise en charge vun de Käschte fir hir Gesondheetsversuergung?

An dëser Publikatioun, déi sech mat der Situatioun vu **Studente** befaasst, **déi kee permanente Wunnsëtz an hirem Studieland hunn**, sech awer fir d'Dauer vun hirem Studium **temporär do ophalen** [1], versicht d'CSL an Zesummenaarbecht mat der ACEL (Daachverband vun de lëtzebuergesche Studentevereenegungen) eng Äntwert op dës Froen ze fannen.

Et kann duerchaus virkommen, datt Studente wärend hirem temporären Auslandsopenthalt Zougang zu medezinescher Versuergung brauchen.

Innerhalb vun Europa garantéiert hir Europäesch Krankeversécherungskaart (EKVK) hinnen den direkten Zougang zu der medezinesch noutwenneger Versuergung, déi vum ëffentleche Gesondheetssystem vun deem Land bereetgestallt gëtt, an deem si sech temporär fir Studienzwecker ophalen. An dësem Fall ginn d'Prestatiounen ënner deene selwechte Konditiounen bereetgestallt wéi fir déi am betreffende Land verséchert Persounen.

D'EKVK deckt déi medezinesch noutwenneg Versuergung souwéi och d'Versuergung am Fall vu chroneschen Erkrankungen oder Virerkrankungen, Schwangerschaft an Accouchement of.

Déi konkret Modalitéiten am Bezuch op de Remboursement an d'Prise en charge vun de Käschte fir déi medezinesch Versuergung op der Plaz kënne jee no Studieland variéieren.

Am **éischten Deel** mam Titel **„Studéieren am Ausland"** stelle mir **als éischt déi allgemeng Prinzippie** vir, déi fir **Studente mat lëtzebuergescher Nationalitéit** gëllen, **déi hiert Studium am Ausland absolvéieren**.

Am **zweeten Deel** gëtt dës Broschür duerch **d'Kapitel „Studéieren zu Lëtzebuerg" ergänzt, fir och auslännesch Studenten ze informéieren, déi op Lëtzebuerg studéiere kommen.**

**Wat ass déi Europäesch Krankeversécherungskaart (EKVK)?** [2]

D'Europäesch Krankeversécherungskaart ass eng **gratis Kaart**, mat där **EU-Bierger déi ëffentlech Gesondheetsversuergung**, déi si wärend engem temporären Openthalt an engem vun deene 27 EU-Memberstaaten, an Island, Liechtenstein, Norwegen, der Schwäiz oder am Vereenegte Kinnekräich brauchen, **ënner deene selwechte Konditiounen an zum selwechten Tarif** (an eenzele Länner souguer gratis) **wéi déi am jeeweilege Land verséchert Persounen an Usproch huele kënnen. D'EKVK deckt déi medezinesch noutwenneg Versuergung souwéi och d'Versuergung am Fall vu chroneschen Erkrankungen oder Virerkrankungen, Schwangerschaft an Accouchement of**.

Déi Kaart gëtt vun der Krankeversécherung vun deem Land ausgestallt, an deem den Titulaire verséchert ass. Fir déi Leit, déi zu Lëtzebuerg verséchert sinn, befënnt sech d'EKVK op der Récksäit vun hirer nationaler Sozialversécherungskaart.

**OPGEPASST :**

**D'EKVK ass keen Ersatz fir eng Reesversécherung, deckt keng Käschte fir eng medezinesch Behandlung of, déi déi verséchert Persoun an engem aneren EU-Land geplangt hat, a garantéiert net, datt d'Prestatioune gratis sinn.**

1 Wa Studenten sech fir Studienzwecker temporär an engem anere Land wéi dat Land, wou se hire gewéinleche Wunnsëtz hunn, ophalen, da gëtt dëst als „temporären Openthalt" am Studieland ugesinn.

2 Quell: https://ec.europa.eu/





# I. STUDÉIEREN AM AUSLAND[3]

## 1. PRINZIP VUM BÄIBEHALE VUN DER AFFILIATIOUN ZU LËTZEBUERG

Studenten, deenen hire Wunnuert[4] sech zu Lëtzebuerg befënnt an déi hiert Studium op enger auslännescher Héichschoul absolvéieren, bleiwe bei enger vun de Lëtzebuerger Krankekeesse verséchert, fir d'Käschten fir hier Gesondheetsversuergung souwuel am Studieland wéi och zu Lëtzebuerg rembourséiert ze kréien, well d'Studienzäit am Ausland als en temporären Auslandsopenthalt betruecht gëtt.

An deene meeschte Fäll sinn d'Studente bei engem Elterendeel matverséchert an dës Matversécherung gëtt wärend dem Studium bäibehalen.

Wann eng Matversécherung awer net méiglech ass, mussen déi Studenten sech perséinlech bei der Nationaler Gesondheetskeess (CNS) versécheren a beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) eng Demande areechen, fir Member ze ginn.

**Wann d'Studenten hire gewéinleche Wunnuert an deem Staat etabléieren, an deem se hiert Studium absolvéieren:** An deem Fall ass déi lëtzebuergesch Sozialversécherung méiglecherweis net méi zoustänneg, an déi betraffe Studente mussen sech mat de lokalen Administratiounen a Verbindung setzen, fir nozefroen, wat d'Konditiounen an d'Modalitéite sinn, fir entweder als Studenten oder opgrond vun hirem Wunnuert um Territoire vun dësem Staat Member vum lokale Sozialversécherungssystem kënnen ze ginn. Dat selwecht gëllt och, wann déi betraffe Studenten niewent hirem Studium an dësem Land schaffen, an a munche Fäll esouguer dann, wann si do e Stage maachen. An deem Fall gëllen déi lokal Virschrëfte vum jeeweilege Land.

3 Quell: https://cns.public.lu/fr/assure/vie-privee/etudiant/etudier-etranger.html
4 Laut dem Artikel 1 (j) vum Europäesche Reglement N° 883/2004 bezeechent den Ausdrock „Wunnuert" de gewéinlechen Openthaltsuert vun enger Persoun.

## 2. MEDEZINESCH VERSUERGUNG AM STUDIELAND AN USPROCH HUELEN[5]

Et kënnt heefeg vir, datt Studenten, déi sech fir Studienzwecker an engem anere Land ophalen, an dësem Land Zougang zu medezinescher Versuergung brauchen. Wéi verleeft dësen Zougang a wéi ass d'Prise en charge vun deenen domat verbonnene Käschte gereegelt?

Déi follgend Erklärunge veranschaulechen déi allgemeng Virschrëften a sollen éischt Unhaltspunkte liwweren, fir dës Fro ze beäntweren.

Et gëtt de Studenten awer ëmmer recommandéiert, sech un deen zoustännege Sozialversécherungsträger am Studieland ze wennen, fir genee Informatiounen iwwer d'Modalitéite vum Remboursement an der Prise en charge vun de Käschte fir déi medezinesch Versuergung op der Plaz ze kréien. D'Situatioun vun de Studente variéiert jee no Studieland.

### 2.1. Studium an engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun (EU), vum Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) oder an der Schwäiz[6]

Am Allgemenge stelle mir fest, datt de Studente recommandéiert gëtt, sech beim zoustännege Sozialversécherungsträger am Studieland unzemellen[7], och wann d'Käschte fir d'Gesondheetsversuergung an deene meeschte Fäll iwwerholl ginn, wann déi Europäesch Krankeversécherungskaart (EKVK) presentéiert gëtt. Eng Umeldung kann d'Formalitéite fir de Remboursement vun de Käschten awer erliichteren. An eenzele Länner ass dës Umeldung als eng obligatoresch Formalitéit virgeschriwwen.

Dobäi ass awer den Ënnerscheed ze maachen, ob ët sech ëm eng am Viraus geplangte medezinesch Versuergung oder ëm eng dréngend medezinesch Versuergung handelt, déi net virgesi war.

Dofir deele mir dëst Kapitel an zwee Abschnitter, an deenen d'Modalitéite fir déi zwee Fäll duergeluecht ginn.

#### 2.1.1. Am Viraus geplangte medezinesch Versuergung am Ausland

Et gëtt zwou Zorte vun am Viraus geplangter medezinescher Versuergung:

- déi ambulant[8] medezinesch Versuergung ausserhalb vum Spidol (cf. nofolgende Punkt a.), an
- déi stationär medezinesch Versuergung am Spidol, typescherweis wann de Student oder d'Studentin op mannst eng Nuecht am Spidol bleiwe muss. Jee no Fall muss déi betraffe Persoun am Virfeld bei der Nationaler Gesondheetskeess (CNS) eng Autorisatioun fir d'Prise en charge vun de Käschte fir déi medezinesch Versuergung an engem auslännesche Spidol ufroen a kréien (cf. nofolgende Punkt b.).

Op dëser Plaz wëlle mer drop hiweisen, datt déi **néideg an am Studieland vun de Studente benotzte medezinesch Versuergung** net ënner déi virdru

5 Als Erënnerung: E Studium am Ausland gëllt als temporären Auslandsopenthalt.

6 Genee gesot: Däitschland, Éisträich, Belsch, Bulgarien, Zypern, Kroatien, Dänemark, Spuenien, Estland, Finnland, Frankräich, Griicheland, Ungarn, Irland, Island, Italien, Lettland, Liechtenstein, Litauen, Malta, Norwegen, Holland, Polen, Portugal, Tschechesch Republik, Rumänien, Slowakei, Slowenien, Schweden, Schwäiz.

7 Heibäi handelt et sech tatsächlech ëm eng Umeldung an net ëm eng Affiliatioun; déi betraffe Studente bleiwe weiderhin an hirem Wunnland affiliéiert wéi ënner Punkt 1. erkläert ass.

8 Ënner enger ambulanter medezinescher Versuergung ass eng Ënnersichung oder eng Behandlung ze verstoen, fir déi e(ng) PatientIn sech nëmmen e puer Stonnen an der Gesondheetsariichtung ophält ouni d'Nuecht do ze verbréngen.

genannt Kategorië vun der medezinescher Versuergung fält. Grondsätzlech gëllt: Wann déi medezinesch Versuergung néideg ass, fir eng reiwungslos Fortsetzung vum Studium ze erméiglechen, a fir ze vermeiden, datt déi betraffe Studenten hiren Openthalt am Studieland ënnerbrieche mussen, kann dës Versuergung op jiddwer Fall ouni Autorisatioun am Virfeld an Usproch geholl ginn. Mir recommandéieren de Studenten awer, sech fir méi detailléiert Informatiounen zu dësem Thema un d'CNS ze wenden.

**Weider Informatioune fannt Dir ënner Punkt 2.1.2.**

### a. Ambulant [9] medezinesch Versuergung ausserhalb vum Spidol

Fir eng am Viraus geplangte medezinesch Versuergung ausserhalb vum Spidol, wéi z. B. d'Behandlung duerch en auslänneschen Dokter a senger Praxis, brauch grondsätzlech keng Autorisatioun am Virfeld bei der CNS [10] ugefrot ze ginn.

D'Studenten kënnen also direkt en Dokter oder eng Doktesch wielen an dohinner goen, wéi zum Beispill fir eng Konsultatioun bei engem Generalist an hirem Studieland. An dësem Fall ass eng am Virfeld ugefroten Autorisatioun vun der CNS net néideg.

Dat selwecht gëllt och fir de Kaf vu Produite bei auslännesche Prestatairen, wéi beispillsweis fir de Kaf vun engem Bräll bei engem auslänneschen Optiker, de Kaf vu Medikamenter asw.

**OPGEPASST:**

Et gëtt och Ausname vun dësem Prinzip! Fir eng medezinesch Versuergung, bei där op **héich spezialiséiert an deier Infrastrukturen zeréckgegraff muss ginn** (z.B. medezinesch Versuergung an Ariichtungen, déi op Rehabilitatioun oder Reconvalescence spezialiséiert sinn, Thermalkuren asw.), souwéi fir eng medezinesch Versuergung, bei där **héich spezialiséiert an deier medezinesch Ausrüstungen a Apparater zum Asaz komme mussen** (z.B. Ënnersichunge mat Röntgenapparater asw.), ass **am Virfeld eng Autorisatioun** bei der CNS unzefroen.

E puer aner Prestatioune kënnen ausnamsweis och vun enger Autorisatioun am Virfeld ofhängeg gemaach ginn, wéi beispillsweis **Kinesitherapie, Röntgenopnamen oder Soinen duerch Infirmièren**.

9 Ënner enger ambulanter medezinescher Versuergung ass eng Ënnersichung oder Behandlung ze verstoen, bei där sech Patienten nëmmen e puer Stonnen an der Gesondheetsariichtung ophalen ouni d'Nuecht do ze verbréngen.

10 D'Autorisatiounen am Virfeld sinn, wann se néideg sinn, bei der CNS och dann unzefroen, wann déi betraffe Studente bei enger vun deenen anere Krankekeesse vum Land verséchert sinn, déi fir sämtlech Ufroe fir de Remboursement vun de Käschte fir déi medezinesch Versuergung zouständeg bleift.



### Prise en charge vun de Käschte fir medezinesch Versuergung, fir déi keng Autorisatioun am Virfeld néideg ass

Op dëser Plaz gëtt drun erënnert, datt es sech notamment ëm Consultatiounen an ambulant medezinesch Versuergung ausserhalb vum Spidol handelt, fir déi eng Autorisatioun am Virfeld net zwéngend néideg ass, wéi zum Beispill fir eng gewéinlech Visitt beim Dokter.

Nodeems d'Studenten d'Käschte virgestreckt hunn, brauchen si just nach déi acquittéiert Rechnunge vum auslänneschen Dokter spéitstens zwee Joer no hirem Paiement bei hirer lëtzebuergescher Krankekeess anzereechen.

D'Rechnunge mussen detailléiert sinn an erméiglechen, déi eenzel Prestatiounen ze identifizéieren a festzestellen ob se deenen zu Lëtzebuerg virgesinne Prestatiounen entspriechen, well d'Prise en charge vun de Käschten zu den Tauxen an Tariffer erfollegt, déi zu Lëtzebuerg appliézéiert ginn.

Domat gi bei der Berechnung vun der Prise en charge vun de Käschte fir eng medezinesch Versuergung, déi am Studieland an Usproch geholl gouf, d'Bedéngungen an d'Modalitéite vun de lëtzebuergesche Rechtsvirschrëften ugewannt.

Wann d'Prestatiounen net an de lëtzebuergesche Rechtsvirschrëfte virgesi sinn, dann decidéiert de Contrôle médical vun der Sozialversécherung iwwer d'Prise en charge vun de Käschten duerch d'Gläichstellung vun där am Ausland duerchgefouerter Gesondheetsversuergung mat gläichwäertege Prestatiounen zu Lëtzebuerg oder, falls dat net méiglech ass, an deem Memberstaat, an deem déi medezinesch Versuergung duerchgefouert gouf.

**RESUME**

**AM VIRAUS GEPLANGT AMBULANT MEDEZINESCH VERSUERGUNG AUSSERHALB VUM SPIDOL**

**Grondsätzlech keng Autorisatioun néideg.**
**Ausnamen**: Autorisatioun néideg fir eng medezinesch Versuergung, bei där:

- héich spezialiséiert an deier Infrastrukturen zum Asaz kommen;
- héich spezialiséiert an deier medezinesch Ausrüstungen an Apparater zum Asaz kommen.

Depot vun der Demande fir de Remboursement vun deenen am Ausland virgestreckte Käschte bei der zoustänneger lëtzebuergescher Krankekeess > Berechnung vum Taux vum Remboursement zu deenen zu Lëtzebuerg appliéiérten Tauxen an Tariffer.

### b. Stationär medezinesch Versuergung am Spidol an ambulant medezinesch Versuergung, bei deenen héich spezialiséiert medezinesch Apparater zum Asaz kommen

Fir am Studieland am Viraus geplangte stationär medezinesch Versuergungen am Spidol a fir medezinesch Versuergungen, bei deenen héich spezialiséiert medezinesch Apparater zum Asaz kommen, verlaangt d'CNS, datt am Virfeld eng Demande fir d'Prise en charge vun de Käschten agereecht gëtt. An der Praxis handelt et sech dobäi ëm Fäll, an deenen d'Studenten sech ausdrécklech am Studieland wéinst enger Krankheet oder engem gesondheetleche Problem behandele wëlle loossen, déi virun hirem Deplacement opgetruede sinn.

Als Erënnerung: Fir am **Studieland opgetruede Krankheeten oder gesondheetlech Problemer**, déi an enger ëffentlecher Ariichtung behandelt ginn, ass keng Autorisatioun am Virfeld néideg. Aneschters verhält et sech, wann d'Studenten sech an enger privater Ariichtung behandele loossen. **Cf. Erklärungen ënner Punkt 2.1.2**.

Wann am Virfeld eng Demande agereecht muss ginn, muss dës schrëftlech Demande vun engem Dokter erstallt an a Form vun engem spezielle Formulaire agereecht ginn, dat an der Annex L vun de Statutte vun der CNS ze fannen ass [11].

Esoubal d'Demande bei der CNS agaangen ass, gëtt iwwerpréift ob se déi formal Viraussetzungen erfëllt. Duerno gëtt de medezineschen Deel vun der Demande vum Service vum Contrôle médical vun der Sozialversécherung appreciéiert.

Wann d'Viraussetzungen am Kader vum Europäesche Reglement N° 883/2004 [12] erfëllt sinn, d. h. wann d'Demande sech op eng konventionéiert Ariichtung oder e konventionéiert Spidol am Behandlungsland bezitt, stellt d'CNS de Formulaire S2 [13] aus, deen den Usproch op eng geplangte Behandlung an engem anere Memberstaat vun der Europäescher Unioun, an Island, Liechtenstein, Norwegen oder an der Schwäiz attestéiert.

**OPGEPASST:** Et gëtt de Studente recommandéiert, sech virun iergendwelleche medezinesche Behandlungen am Moment wou se de Formulaire S2 (Accord vun der Autorisatioun am Virfeld) kréien, iwwer déi néideg zousätzlech Demarchë bei der Krankekeess am Studieland ze informéieren, fir notamment gewuer ze ginn, bei wéi enger Instanz de Formulaire S2 an dësem Land anzereechen ass.

#### ➡ Remboursement vun de Käschte fir medezinesch Versuergung, fir déi am Virfeld eng Autorisatioun unzefroen ass

Bei der medezinescher Versuergung, fir déi am Virfeld eng Autorisatioun ugefrot muss ginn (stationär bzw. ambulant Spidolsbehandlung, fir déi eng Autorisatioun [14] néideg ass), ënnerscheeden sech d'Remboursementsmodalitéiten ofhängeg dovun, ob d'Decisioun am Kader vum sougenannte System „Reglement (CE) N° 883/2004 [15]" oder am als „Direktiv (EU) 2011/24 – Art. 20 CSS [16]" bezeechente System getraff gouf.

11 Dir kënnt d'Statutte vun der CNS ënner dësem Link consultéieren: https://cns.public.lu/dam-assets/legislations/statuts/cns-statuts-01092023.pdf

12 Reglement (CE) N° 883/2004 vum europäesche Parlament an dem Rot vum 29. Abrëll 2004 iwwer d'Koordinéierung vun de Systemer vun der sozialer Sécherheet

13 Europäesche Standardformulaire S2 (fréier E112): Heibäi handelt et sech ëm d'Autorisatioun, eng geplangte medezinesch Versuergung an engem aneren EU- oder EWR-Land oder an der Schwäiz an Usproch ze huelen. Déi versëchert Persoun gëtt dobäi genee esou behandelt wéi d'Staatsbierger vum betreffende Land. Si kann opgefuerdert ginn, en Deel vun de Käschten oder déi gesamt Käschten op der Plaz virzestrecken.

14 Medezinesch Versuergung, bei där héich spezialiséiert an deier Infrastrukturen néideg sinn a medezinesch Versuergung, bei där héich spezialiséiert an deier medezinesch Ausrüstungen an Apparater zum Asaz kommen.

15 Heibäi handelt et sech ëm d'Reglement (CE) N° 883/2004 vum europäesche Parlament an dem Rot vum 29. Abrëll 2004 iwwer d'Koordinéierung vun de Systemer vun der sozialer Sécherheet.

16 Artikel 20 Abschnitt 3 vum Lëtzebuerger Sozialversécherungscode billt déi national Rechtsgrondlag fir dëse System.

1. **Als „Reglement (CE) N° 883/2004"** bezeechente System

   Wann d'Applikatioun vun deem als „Direktiv (EU) 2011/24 – Art. 20 CSS" (cf. nofolgende Punkt 2) bezeechente System net ausdrécklech vun de Studenten ugefrot gëtt, applizéiert d'CNS de sougenannte „Reglement (CE) N° 883/2004" System un:

   Wann d'Studenten de Formulaire S2 beim Krankeversécherungsträger vun deem Staat, an deem d'Behandlung duerchgefouert soll ginn, presentéieren, hunn si Usproch op déi selwecht Konditiounen an déi selwecht Tauxe bei der Prise en charge vun de Käschte wéi déi sozialverséchert Leit an deem Land, an deem d'medezinesch Versuergung duerchgefouert gi soll.

   De Formulaire S2 garantéiert awer net d'Prise en charge vum gesamte Betrag. Am Idealfall erméiglecht en eng Prise en charge iwwer de System vum Tiers-payant [17] vun de Käschte fir d'medezinesch Versuergung duerch eng lokal Krankekeess am Behandlungsland.

   Wann de System vum Tiers-payant net ugewannt gëtt, ass e Remboursement duerch de Sozialversécherungsträger vun deem Land virgesinn, an deem déi medezinesch Versuergung duerchgefouert gëtt, an zwar zu den Tauxe vun de Sozialtariffer vum betreffende Land. Et sief drop higewisen, datt d'Studenten d'Eegebedeelegung, eventuell Supplementen an Depassementer selwer iwwerhuele mussen.

   Am Fall wou d'Prise en charge vun de Käschten am Behandlungsland am Verglach zur Prise en charge vun de Käschten zu Lëtzebuerg méi niddereg sinn, hunn d'Studenten Usproch op de Paiement vum Differenzbetrag. Fir an de Genoss vun dësem ergänzende Remboursement vun der CNS ze kommen, mussen d'Studenten dësen ausdrécklech ufroen an der CNS déi acquittéiert Rechnunge virleeën.

   Ginn d'Leeschtunge vun der Krankekeess am Behandlungsland net iwwerholl, soll de Versécherten all déi betreffend Rechnungen un d'CNS schécken. Si rembourséieren d'Käschten no de lëtzebuerger Tariffer a Reegelen.

17 Tiers-payant = Prozess deen dem Patient erlaabt d'Gesondheetskäschten net virzestrecken.

## RESUME

**WANN ENG PRISE EN CHARGE VUN DE KÄSCHTEN IWWER DE SYSTEM VUM TIERS-PAYANT [18] NET MÉIGLECH ASS, HUNN D'STUDENTEN DÉI FOLLGEND MÉIGLECHKEETEN:**

> Entweder si schécken déi acquittéiert Rechnungen un d'CNS, déi no enger Tariféierung iwwer de Formulaire S067 [19] (fréier E126) mat deem Staat, an deem d'Soinen duerchgefouert goufen, e Remboursement zum Tarif vun deem Land mécht, an deem déi medezinesch Versuergung stattfonnt huet, gegeebenefalls ergänzt ëm de lëtzebuergeschen Differenzbetrag.

> Oder si schécken déi acquittéiert Rechnungen un d'Krankekeess vum Land, an deem déi medezinesch Versuergung duerchgefouert gouf, a kréie vun der Keess vum Openthaltsland e Remboursement zum Tarif vum Openthaltsland.

> Di acquittéiert Rechnunge vun de Leeschtungen déi am Openthaltsland net iwwerholl ginn, schécke si un d'CNS déi d'Käschten no lëtzebuerger Tarif rembourséiert.

18 Tiers-payant = Prozess deen dem Patient erlaabt d'Gesondheetskäschten net virzestrecken.

19 Europäesche Standardformulaire S067 (fréier E126): Dëse Formulaire gëtt vun der zoustänneger Keess ausgestallt, wann ee vun hiren Assuréë bei sengem Retour Rechnunge fir medezinesch Versuergung virleet, déi wärend engem temporären Openthalt um Territoire vun engem anere Memberstaat duerchgefouert gouf. Déi zoustänneg Keess freet mat dësem Dokument beim Träger am Openthaltsland dee Betrag vun de Käschten un, deen si rembourséiert hätt, wann sech déi betreffend Persoun wärend hirem Openthalt un si gewannt hätt. Esoubal déi zoustänneg Institutioun d'Äntwert vum Träger vum Openthaltsland kritt huet, iwwerweist se hirem Assuré dee vum Träger vum Openthaltsland matgedeelte Remboursementsbetrag.

**Fir weider Informatiounen iwwer d'Prise en charge vun de Käschten, de Remboursement an d'Modalitéiten am Studieland oder no de Bestëmmunge vum Studieland verweise mir op d'Linken op d'Websäite vun den nationale Kontaktpunkte vun den EU-Memberstaaten, an deenen an der Reegel vill Lëtzebuerger Staatsbierger studéieren:**

**Frankräich**
*https://www.cleiss.fr/pcn/index.html*

**Belge**
*https://www.health.belgium.be/fr/sante/prenez-soin-de-vous/themes-pour-les-patients/point-de-contact-national-soins-de-sante#informations*

**Däitschland**
*https://www.eu-patienten.de/de/behandlung_deutschland/behandlung_in_deutschland_1.jsp*

**Éisträich**
*https://www.gesundheit.gv.at/service/kontaktstelle-patientenmobilitaet/behandlungsmitgliedstaat.html*

**Holland**
*https://cbhc.hetcak.nl/en/treatment-netherlands/*

**Portugal**
*https://diretiva.min-saude.pt/pontos-de--contacto/nacional-pcn/*

Déi vollstänneg Lëscht mat den nationale Kontaktpunkte vun den EU-Memberstaate fannt Dir op der Websäit vun der Europäescher Kommissioun ënner dësem Link:

*https://europa.eu/youreurope/citizens/health/planned-healthcare/get-more-info/index_fr.htm*

2. Als **„Directiv (EU) 2011/24 – Art. 20 CSS"** bezeechente System

Zur Erënnerung: Wa Studenten d'Prise en charge vun de Käschten nom sougenannten „Direktiv (EU) – Art. 20 CSS" System an Usproch huele wëllen, mussen si dat ausdrécklech ufroen.

Wann d'CNS d'Prise en charge vun de Käschten no deem als „Direktiv (EU) 2011/24 – Art. 20 CSS" bezeechente System geneemegt, bezuelen d'Studenten déi am Ausland geneemegt an duerchgefouert medezinesch Versuergung a voller Héicht a kréien dee Betrag vun hirer zoustänneger lëtzebuergescher Keess no deenen zu Lëtzebuerg applizéierte Bedéngungen an Tariffer rembourséiert.

Well déi facturéiert Käschte ganz héich kënne sinn an dee vun der lëtzebuergescher Keess rembourséierte Betrag bei wäitem iwwerschreide kënnen, gëtt de Studenten am eegenen Interessi recommandéiert, vum Prestataire vun der medezinescher Versuergung am Ausland en Devis fir d'Behandlung oder déi medezinesch Versuergung unzefroen.

Wann déi medezinesch Versuergungsprestatiounen zu Lëtzebuerg net virgesi sinn, awer als onëmgänglech gëllen, gëtt dee lëtzebuergeschen Tarif vum Contrôle médical vun der Sozialversécherung festgeluecht, andeems d'Prestatioun enger anerer gläichwäerteger Prestatioun gläichgestallt gëtt.

An Ausnamefäll, besonnesch am Fall vun enger seltener Krankheet oder enger quasi-experimenteller Behandlung, kann d'CNS den auslännesche Prestataire op der Basis vun engem am Virfeld no der Stellungnam vum Contrôle médical vun der Sozialversécherung fixéierte Remboursementsbetrag direkt rembourséieren.

## RESUME

**STATIONÄR MEDEZINESCH VERSUERGUNG AM SPIDOL AN AMBULANT MEDEZINESCH VERSUERGUNG, BEI DEENEN HÉICH SPEZIALISÉIERT MEDEZINESCH APPARATER ZUM ASAZ KOMMEN**

- Erfuerdert eng Autorisatioun am Virfeld;
- **2 Remboursementsméiglechkeeten:**
  - **a.** Als **„Reglement (CE) N° 883/2004"** bezeechente System:
    - Prise en charge vun de Käschten zu Lëtzebuerg no den Tauxen an Tariffer vun deem Land, an deem déi medezinesch Versuergung/Behandlung duerchgefouert gouf (Méiglechkeet vum Tiers-payant);
    - Differenzbetrag op Ufro.
  - **b.** Als **„Directiv (EU) 2011/24 – Art. 20 CSS"** bezeechente System:
    - Prise en charge vun de Käschten zu Lëtzebuerg no deenen zu Lëtzebuerg applizéierten Tauxen an Tariffer.

### 2.1.2. Dréngend an noutwenneg medezinesch Versuergung

Wa Studenten sech ongeplangt an engem Land vun der Europäescher Unioun oder dem Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) oder an der Schwäiz medezinesch versuerge loosse mussen, kann déi medezinesch Versuergung duerch d'Europäesch Krankeversécherungskaart ofgedeckt ginn. Dat selwecht gëllt fir eng medezinesch noutwenneg Versuergung souwéi d'Versuergung am Fall vu chroneschen Erkrankungen oder Virerkrankungen, Schwangerschaft an Accouchement.

**Virdeeler vun der Europäescher Krankeversécherungskaart (EKVK)**

D'Presentatioun vun der EKVK garantéiert d'Prise en charge oder de Remboursement vun de Käschte fir op der Plaz duerchgefouert noutwenneg Sachleeschtungen am Krankheetsfall.

D'Kaart attestéiert domat **den Usproch op déi noutwenneg medezinesch Versuergung** an deem europäesche Memberstaat, an deem sech d'Studente fir Studienzwecker ophalen, fir datt si hiren Openthalt ënner séchere medezinesche Bedéngunge fortsetze kënnen an net gezwonge sinn, dësen ze ënnerbriechen, fir sech an hirem Wunnland behandelen ze loossen.

Virun dem Deplacement an e Land vun der EU, dem EWR oder an d'Schwäiz ass et dowéinst wichteg ze iwwerpréiwen, ob d'Studenten iwwer eng EKVK verfügen an ob dës nach gülteg ass. Bei Bedarf ka bei der zoustänneger lëtzebuergescher Krankekeess eng Bescheinegung iwwer de provisoreschen Ersatz vun der Europäescher Krankeversécherungskaart ugefrot ginn.

**Wat ass déi Europäesch Krankeversécherungskaart (EKVK)?** [20]

D'Europäesch Krankeversécherungskaart ass eng **gratis Kaart**, mat där **EU-Bierger déi ëffentlech Gesondheetsversuergung**, déi si wärend engem temporären Openthalt an engem vun deene 27 EU-Memberstaaten, an Island, Liechtenstein, Norwegen, der Schwäiz oder am Vereenegte Kinnekräich brauchen, **ënner deene selwechte Konditiounen an zum selwechten Tarif** (an eenzele Länner souguer gratis) **wéi déi am jeeweilege Land verséchert Persounen**, an Usproch huele kënnen. **D'EKVK deckt déi medezinesch noutwenneg Versuergung souwéi och d'Versuergung am Fall vu chroneschen Erkrankungen oder Virerkrankungen, Schwangerschaft an Accouchement of**.

Déi Kaart gëtt vun der Krankeversécherung vun deem Land ausgestallt, an deem den Titulaire verséchert ass. Fir déi Leit, déi zu Lëtzebuerg verséchert sinn, befënnt sech d'EKVK op der Récksäit vun hirer nationaler Sozialversécherungskaart.

**OPGEPASST:**

**D'EKVK ass keen Ersatz fir eng Reesversécherung, deckt keng Käschte fir eng medezinesch Behandlung of, déi déi verséchert Persoun an engem aneren EU-Land geplangt hat, a garantéiert net, datt d'Prestatioune gratis sinn.**

20 Quell: https://ec.europa.eu/

D'Sachleeschtungen am Krankheetsfall ginn no de Virschrëfte vum temporären Openthaltsland geliwwert an no deenen an dësem Land applizéierten Tauxe vun de Studenten hirer lëtzebuergescher Krankekeess rembourséiert.

Wann d'Sachleeschtungen am Openthaltsland gratis geliwwert goufen, hunn d'Studente géint Presentatioun vun hirer Kaart och Usproch op eng gratis medezinesch Versuergung.

D'EKVK kann nëmme bei konventionéierte Prestatairen am Studieland benotzt ginn, d. h. bei Prestatairen, déi duerch eng Konventioun un d'Sozialversécherung vun dësem Land gebonne sinn. Si sinn nämlech dozou verflicht, déi néideg medezinesch Versuergung op der Basis vun der Presentatioun vun der EKVK duerchzeféieren.

Falls d'medezinesch Versuergung awer vun engem net konventionéierten oder private Prestataire duerchgefouert gëtt, kann d'Prise en charge vun de Käschten iwwer de Remboursement zu de lëtzebuergesche Bedéngungen an Tariffer gehandhaabt ginn. Deen zoustännegen Träger am Studieland ka Renseignementer doriwwer ginn, wéi eng Prestatairë konventionéiert sinn a wéi eng net. Aus dësem Grond muss ee sech op der Plaz informéieren.

Am Fall vun enger noutwenneger medezinescher Versuergung kann d'Kaart bei engem konventionéierte Prestataire normalerweis net refuséiert ginn.

Hunn d'Studenten am Fall vun enger noutwenneger medezinescher Versuergung hir Kaart net dobäi, mussen si déi gesamt Käschte fir déi Prestatiounen, déi si kruten, virstrecken an hire Remboursement bei hirer lëtzebuergescher Krankekeess ufroen.

### Remboursement vun de Käschte fir dréngend an noutwenneg medezinesch Versuergung

De Remboursement vu medezinesch noutwenneg Prestatioune wärend engem Openthalt an engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun oder dem EWR oder an der Schwäiz ginn nom Reglement (CE) N° 883/2004 [21] iwwerholl (cf. Erklärunge Säit 14).

Hunn d'Studenten d'Käschte fir déi am Ausland duerchgefouert Prestatioune selwer bezuelt (notamment well de System vum Tiers-payant do net applizéiert gëtt), da kënnen se de Remboursement vun dëse Käschte bei hirer lëtzebuergescher Krankekeess ufroen. Déi informéiert sech bei der Krankekeess am Openthaltsland iwwer déi am Openthaltsland applizéiert Tauxen an Tariffer a rembourséiert de Studenten d'Käschten no deene Modalitéiten.

Wann d'Rechtsvirschrëften vum Openthaltsland awer kee Remboursement virgesinn, rembourséiert déi lëtzebuergesch Keess d'Prestatiounen no deenen zu Lëtzebuerg applizéierte Bedéngungen, Modalitéiten, Tauxen an Tariffer.

D'Studente kënnen och ufroen, deen als „Direktiv (EU) 2011/24 – Art. 20 CSS" bezeechente System an Usproch ze huelen.

Dëse Choix muss ausdrécklech an am Viraus gemaach ginn. An dësem Fall gëtt hir Ufro no der Stellungnam vum Contrôle médical no dësem System iwwerpréift, deen dann e Remboursement no de lëtzebuergeschen Tariffer virgesäit. Dat selwecht gëllt, wann dat Europäescht Reglement N° 883/2004 net applizéiert gëtt.

21 Reglement (CE) N° 883/2004 vum europäesche Parlament an de Rot vum 29. Abrëll 2004 iwwer d'Koordinéierung vun de Systemer vun der sozialer Sécherheet.

Falls d'Studente sech zum Zäitpunkt vun der Demande net fir e Remboursement no de lëtzebuergeschen Tariffer entscheet hunn an dat Europäescht Reglement N° 883/2004 gouf applizéiert, ginn nom Traitement vun de Rechnungen an der Clôture vum Dossier keng Ännerunge méi virgeholl.

D'Studente kënne de Remboursement och bei der Keess vum Openthaltsland ufroen. An dësem Fall applizéiert déi auslännesch Keess hir Tariffer. Wa kee Remboursement erfollegt ass, kann den Assuré bei der CNS ufroen, déi acquittéiert Rechnungen no de lëtzebuergeschen Tariffer ze iwwerhuelen.

## RESUME

### DRÉNGEND AN NOUTWENNEG MEDEZINESCH VERSUERGUNG

- **Keng Autorisatioun am Virfeld**;
- **Remboursement:**
    - Wann d'Studenten hir Rechnunge fir déi medezinesch Versuergung un d'Keess vum Studieland schécken, kréien se dës Käschten no den Tauxen an Tariffer vun dësem Land rembourséiert.
    - Wann se hir Rechnunge fir déi medezinesch Versuergung un déi zoustänneg lëtzebuergesch Krankekeess schécken, fixéiert déi d'Präisser zesumme mat der Krankekeess am Studieland. Soubal d'Äntwert agaangen ass, ginn de Studenten d'Käschten no den Tauxen an Tariffer vun deem Land rembourséiert, an deem si sech fir Studienzwecker ophalen. Op ausdrécklече Wonsch vun de Studenten (als „Direktiv – Art. 20 CSS" bezeechente System) kënnen si awer zum Zäitpunkt vum Schécke vun hire Rechnungen un hir lëtzebuergesch Krankekeess och e Remboursement no de lëtzebuergeschen Tauxen an Tariffer ufroen.

**Fir weider Informatiounen iwwer d'Prise en charge vun de Käschten, de Remboursement an d'Modalitéiten am Studieland oder no de Bestëmmunge vum Studieland verweise mir op d'Linken op d'Websäite vun den nationale Kontaktpunkte vun den EU-Memberstaaten, an deenen an der Reegel vill Lëtzebuerger Staatsbierger studéieren:**

**Frankräich**
*https://www.cleiss.fr/pcn/index.html*

**Belge**
*https://www.health.belgium.be/fr/sante/prenez-soin-de-vous/themes-pour-les-patients/point-de-contact-national-soins-de-sante#informations*

**Däitschland**
*https://www.eu-patienten.de/de/behandlung_deutschland/behandlung_in_deutschland_1.jsp*

**Éisträich**
*https://www.gesundheit.gv.at/service/kontaktstelle-patientenmobilitaet/behandlungsmitgliedstaat.html*

**Holland**
*https://cbhc.hetcak.nl/en/treatment-netherlands/*

**Portugal**
*https://diretiva.min-saude.pt/pontos-de--contacto/nacional-pcn/*

Déi vollstänneg Lëscht mat den nationale Kontaktpunkte vun den EU-Memberstaate fannt Dir op der Websäit vun der Europäescher Kommissioun ënner dësem Link:

*https://europa.eu/youreurope/citizens/health/planned-healthcare/get-more-info/index_fr.htm*

## 2.2. Studium an engem Land ausserhalb vun der Europäescher Union (EU), dem Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) an der Schwäiz, dat duerch e bilateraalt Ofkommes u Lëtzebuerg gebonnen ass

Wa lëtzebuergesch Staatsbierger an engem vun dëse Länner[22], studéieren, mussen se dem Sozialversécherungsträger am Studieland e Formulaire virleeën, dat bestätegt, datt si wärend der Dauer vun hirem Openthalt Usproch op Sachleeschtungen hunn. D'Studente mussen dee betreffende Formulaire beim Träger vum Studieland areechen, fir datt deen se ophëlt an si domat medezinesch Versuergung ënner deene selwechte Bedéngunge wéi d'Awunner vum betreffende Land an Usproch huele kënnen.

Dee betreffende Formulaire ass laang virum Deplacement an d'Studieland unzefuerderen (ausser fir Mazedonien, Serbien a Montenegro[23]). E steet op der Websäit guichet.public.lu[24] am Beräich MyGuichet zur Verfügung.

Esoubal d'Studente medezinesch Soinen am Studieland an Usproch geholl hunn, kënnen si hir **Rechnungen direkt beim zoustännegen Träger op der Plaz areechen, deen de Remboursement vun deene wärend dem Openthalt entstane medezinesche Käschten no deene vun him applizéierten Tauxen an Tariffer virhëlt**.

D'Studente kënnen **d'Rechnungen och fir de Remboursement un hir zoustänneg lëtzebuergesch Krankekeess schécken, fir datt déi d'Käschten no de lëtzebuergesche Bedéngungen, Tauxen an Tariffer rembourséiert**.

Fir déi bescht Virgoensweis erauszefannen, gëtt de Studente recommandéiert, sech beim zoustännegen Träger am Studieland iwwer déi konkret Bedéngunge fir d'Prise en charge an de Remboursement vun de Käschten ze informéieren.

Déi privat Prestatairen am Studieland akzeptéieren dee betreffende Formulaire allerdéngs net, soudatt d'Rechnungen op der Plaz bezuelt musse ginn an de Remboursement bei der zoustänneger lëtzebuergescher Keess ugefrot muss ginn.


22 Et handelt sech dobäi ëm déi follgend Länner: Bosnien-Herzegowina, Cap-Vert, Mazedonien, Marokko, Montenegro, Quebec, Serbien, Tunesien, Tierkei.
23 Fir dës Länner geet et duer, di europäesch Krankekeesskaart virzeweisen, d'Gesondheetskäschte virzestrecken an, laut CNS, de Remboursement bei hinnen unzefroen.
24 https://guichet.public.lu/fr/citoyens/sante-social/assurance-maladie-maternite/prestations-sante-etudiant-stagiaire/etudes-etranger.html

**Fir weider Informatiounen iwwer d'Prise en charge vun de Käschten, de Remboursement an d'Modalitéiten am Studieland oder no de Bestëmmunge vum Studieland verweise mir op d'Linken op d'Websäite vun den nationale Kontaktpunkte vun deene Staaten, déi net EU-Member sinn, awer duerch ee bilateraalt Ofkomme verbonne sinn, an deenen déi Lëtzebuerger Staatsbierger studéiere kënnen:**



**Bosnien-Herzegovina**

*https://zzofbih.ba/*



**Cap-Vert**

*https://inps.cv/contactos/#*



**Mazedonien**

*https://fzo.org.mk/*




**Maroc**

*https://www.cnss.ma/*



**Montenegro**

*https://fzocg.me/*



**Québec**

*https://www.ramq.gouv.qc.ca/fr*



**Serbien**

*https://rfzo.rs/*



**Tunesien**

*https://www.cnam.nat.tn/index.jsp*



**Türkei**

*https://sgk.gov.tr/*

## 2.3. Studium an engem Land ausserhalb vun der Europäescher Union (EU), dem Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) an der Schwäiz, déi net duerch e bilateraalt Ofkommes u Lëtzebuerg gebonne sinn[25]

D'Rechnunge fir déi an dëse Länner duerchgefouert medezinesch Versuergung **sinn un déi zoustänneg lëtzebuergesch Krankekeess ze schécken** a ginn **no de lëtzebuergeschen Tauxen an Tariffer rembourséiert, falls déi zu Lëtzebuerg applizéiert Tariffer** déi betreffend Situatioun ofdecken.

D'Rechnunge mussen acquittéiert, mat detailléierter medezinescher Terminologie geschriwwen an op Englesch, Franséisch oder Däitsch verfaasst sinn.

Op dëser Plaz sief drop higewisen, datt d'Käschte fir medezinesch Prestatiounen a Spidolsopenthalter vu Land zu Land ganz ënnerschiddlech an esouguer méi deier kënne sinn ewéi zu Lëtzebuerg. Deemno kann eng grouss Differenz tëschent den exposéierte Käschten an dem Remboursement vun der lëtzebuergescher Krankekeess bestoen, wat sech zu den Ongonschte vun de Studenten auswierke kann.

Bei engem Openthalt an engem vun dëse Länner ass dofir oft rotsam, sech iwwer een op dës Zort vu Versécherungsschutz spezialiséierte Versécherungsträger zousätzlech ofzesécheren.

De Studente gëtt ausserdeem geroden, sech bei de Sozialversécherungsträger vum Studieland iwwer d'Funktiounsweis vum Gesondheetssystem, d'Duerchféierung vun der medezinescher Versuergung, déi betreffend Käschten asw. ze informéieren.

## 2.4. Studium am Vereenegte Kinnekräich: e spezielle Fall

Säit dem Austrëtt vum Vereenegte Kinnekräich aus der EU reegelt en Handels- a Kooperatiounsofkommes d'Bezéiungen tëschent der EU an dem Vereenegte Kinnekräich. Dëst Ofkommes enthält eng Rei vu Moossname fir d'Koordinéierung vun der sozialer Sécherheet, fir d'Rechter vun EU-Bierger ze schützen, déi sech temporär am Vereenegte Kinnekräich ophalen.


Laut dësem Ofkommes kënnen zu Lëtzebuerg verséchert Studenten **hir Europäesch Krankeversécherungskaart (EKVK)** am Vereenegte Kinnekräich weiderhi fir medezinesch Versuergung benotzen, déi sech wärend hirem Openthalt als **medezinesch noutwenneg** erweist.

Et sief op dëser Plaz awer drop higewisen, datt d'Käschte fir eng wärend engem Openthalt am Vereenegte Kinnekräich duerchgefouert medezinesch Versuergung, déi net dréngend, mee ambulant geplangt ass, net rembourséiert ginn.

25 Nämlech alleguerten déi aner Länner an der Welt ausserhalb vun der EU, dem EWR an der Schwäiz, déi net duerch en Ofkommes u Lëtzebuerg gebonne sinn (notamment d'Vereenegt Staaten, Australien asw.).







# II. STUDÉIEREN ZU LËTZEBUERG

## 1. ALLGEMENGE PRINZIP

Jiddwer Persoun iwwer 18 Joer, déi zu Lëtzebuerg e Studium absolvéiert [26] an net anerwäerts verséchert ass a kee Versécherungsschutz als Familljemember genéisst, muss obligatoresch géint Krankheetsrisike verséchert sinn.

Dëse Prinzip gëllt souwuel fir Studenten, déi Residente sinn wéi och fir déi, déi keng Residente sinn.

Studenten, déi Residente sinn, sinn an deene meeschte Fäll bei engem Elterendeel matverséchert, wat och wärend hirem Studium bäibehale gëtt, an et si keng besonnesch Demarchen ze maachen, fir d'Prise en charge vun de Käschte fir hir medezinesch Versuergung wärend hirem Studium zu Lëtzebuerg unzefroen.

Mee wéi gesäit et mat **auslännesche Studenten aus, déi op Lëtzebuerg studéiere kommen?**

26 Artikel 1 Punkt 14 vum lëtzebuergesche Sozialversécherungscode

## 2. WAT AUSLÄNNESCH STUDENTE MAACHE MUSSEN, WA SI OP LËTZEBUERG STUDÉIERE KOMMEN[27]

### 2.1. Studenten, déi an hirem Hierkonftsland net krankeverséchert sinn – Affiliatioun beim lëtzebuergesche Centre commun de la sécurité sociale (CCSS)

**Studenten**, déi an hirem Hierkonftsland **net krankeverséchert sinn**, **mussen direkt Member beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) ginn**, andeems si de Formulaire fir eng Flichtversécherung fir Studenten ausfëllen an der Demande eng **Kopie vun hirer Identitéitskaart** an eng **Aschreiwungsbescheinegung (Certificat d'inscription) vun der Schoul oder der Universitéit** bäifügen, un där si studéiere wëllen.

Wa volljäreg Studenten net obligatoresch krankeverséchert[28] sinn, iwwerhëlt d'Universitéit Lëtzebuerg, d'Héichschoul oder de Fuerschungszentrum, un där/deem d'Studenten ageschriwwe sinn, d'Affiliatioun vun de betreffende Studente beim CCSS.

Zu dësem Zweck benotzt déi jeeweileg Ariichtung de Formulaire „Demande d'affiliation à l'assurance maladie obligatoire pour étudiant[29]". Doranner gëtt se déi 15-stelleg Matricule un, déi den CCSS hir fir d'Affiliatioun vun de Studente matgedeelt huet, souwéi d'Angabe vun der Ariichtung (an der Rubrik „Données concernant l'établissement…") an d'Donnéeë vun deene jeeweilege Studenten (an der Rubrik „Données concernant l'assuré"). Den Ufanks- an den Ofschlossdatum vun der Studienzäit mussen och ausgefëllt ginn.

Den CCSS recommandéiert, och d'Schoulvakanzen an déi Zäiten unzeginn, wärend deene keng Course sinn, fir datt de Krankeversécherungsschutz och wärend dësem Zäitraum garantéiert ass.

Als Äntwert op d'Demande fir d'Affiliatioun bei der lëtzebuergescher Sozialversécherung kréien d'Studenten en **Admissiounsbréif** mat **Angaben iwwer de Versécherungsufank an d'Héicht vum monatleche Bäitrag un déi am Formulaire renseignéiert Adress iwwermëttelt**. Ausserdeem gëtt hinnen eng Sozialversécherungskaart ausgestallt, déi se am Ëmgang mat Prestatairen (Dokteren, Spideeler, Apdikten…) benotzen. Dës Kaart muss dem CCSS nom Ofschloss vum Studium restituéiert ginn.

**De Versécherungsbäitrag** gëtt op der Basis vun engem Drëttel vum soziale Mindestloun fir en onqualifizéierten Aarbechter vu mindestens 18 Joer no deem zu deem Zäitpunkt applizéierten Taux berechent.

Wärend dem Versécherungszäitraum stellt den CCSS der Ariichtung d'Bäiträg fir déi monatlech Krankeversécherung a Rechnung.

D'Ariichtung huet hirersäits d'Responsabilitéit, dës Bäiträg vun de Studenten anzezéien. Et steet hir fräi, d'Modalitéite fir de Paiement vun de Bäiträg a voller Autonomie ze organiséieren.

27 Cf. Informatiounen op https://cns.public.lu/fr/assure/vie-privee/etudiant/etudier-etranger.html an op https://ccss.public.lu/fr/formulaires/formulaires-containers/affiliation-assurance-maladie-etudiant.html

28 Eng „privat" Krankeversécherung souwéi eng Krankeversécherung aus engem Drëttland, dat net duerch en Ofkommes u Lëtzebuerg gebonnen ass, gëllen net als obligatoresch Krankeversécherung.

29 De Formulaire kann ënner dësem Link erofgeluede ginn: https://ccss.public.lu/fr/formulaires/formulaires-containers/affiliation-assurance-maladie-etudiant.html

## 2.2. Studenten, déi an hirem Hierkonftsland krankeverséchert sinn – Aschreiwung bei der Nationaler Gesondheetskeess (CNS)

Et gëtt preziséiert, datt d'Aschreiwung bei der CNS fir dës Studenten net obligatoresch, mee bis zu deem Zäitpunkt optional ass, wou si medezinesch Versuergung zu Lëtzebuerg brauchen.

**Wéi eng Studenten hunn eng obligatoresch Krankeversécherung a brauchen aus deem Grond net beim CCSS affiliéiert sinn, musse sech awer spéitstens zu deem Zäitpunkt bei der CNS aschreiwen, wou si medezinesch Versuergung brauchen?**

Dëst sinn:

1. Studenten, déi am Besëtz vun enger lëtzebuergescher Sozialversécherungskaart sinn.
2. Studenten, déi an der Europäescher Unioun (EU), an engem Land vum Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) [30] oder an der Schwäiz Residenten an am Besëtz vun enger Europäescher Krankeversécherungskaart (EKVK) sinn.
3. Studenten, déi Residenten an engem Land sinn, mat deem Lëtzebuerg e bilateraalt Ofkommes ënnerschriwwen huet [31] an déi am Besëtz vun engem an dësem Ofkommes definéierte Formulaire sinn. (Cf. Partie I, Punkt 2.2).

Dës dräi Kategorië vu Studente brauchen also keng Affiliatioun beim CCSS well si schonn iwwer e Sozialversécherungsschutz verfügen. Déi virdrun ënner de Punkten 2 an 3 genannt Studente mussen awer spéitstens dann, wann se medezinesch Versuergung brauchen, Member vun der Nationaler Gesondheetskeess (CNS) ginn, fir datt d'Käschte fir déi medezinesch Versuergung, déi si an Usproch geholl ginn, iwwerholl ginn.

D'Studenten trieden der CNS bäi, andeems se hir Aschreiwungsbescheinegung an hir Europäesch Krankeversécherungskaart (EKVK) virleeën, alternativ e Formulaire S1 [32], dat hir Usprochsberechtegung bescheinegt a vum Träger am Hierkonftsland ausgestallt gouf.

30 Norwegen, Island, Liechtenstein

31 Eng Lëscht vun de bilaterale Konventioune fannt Dir ënner https://www.secu.lu/conv-internationales/conventions-bilaterales/

32 Bescheinegung, déi Persounen, déi net Resident an deem Land sinn, an deem si krankeverséchert sinn, berechtegt, medezinesch Versuergung an Usproch ze huelen.



## Notizen



CHAMBRE DES SALARIÉS
LUXEMBOURG
YOU'LL NEVER WORK ALONE.

ACEL

Lëtzebuerger Schüler a Schülerinnen, déi de Secondaire mat Erfolleg ofgeschloss hunn, setzen hiert Studium heefeg am Ausland fort. Wéi sinn si an dësem Fall sozialversécherungsrechtlech ofgeséchert a wéi verleeft d'Prise en charge vun de Käschte fir hir Gesondheetsversuergung?

An dëser Publikatioun versicht d'CSL an Zesummenaarbecht mat der ACEL (Daachverband vun de lëtzebuergesche Studentevereenegungen) eng Äntwert op dës Froen ze fannen.

Am éischten Deel stelle mir déi allgemeng Prinzippie vir, déi fir Lëtzebuerger Studente gëllen, déi hiert Studium am Ausland absolvéieren.

Den zweeten Deel huet als Zil, auslännesch Studenten ze informéieren, déi op Lëtzebuerg studéiere kommen.




**CHAMBRE DES SALARIÉS (CSL)**

18 rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg

T. (+352) 27 494 200

www.csl.lu
csl@csl.lu

**ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER (Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois Asbl.)**

2 avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

T. (+352) 20 60 84 84

www.acel.lu
contact@acel.lu